# "Mir mussen extrem virsiichteg sinn!", sou de Claude Meisch

RTL|Update: 28.01.2021 11:22



Den Ament wéisst een nach net, ob déi nei Virus-Variant méi séier iwwerdroe gëtt an ob se verstäerkt ënnert de Kanner a Jonken zirkuléiert.

De Coronavirus zirkuléiert den Ament manner an de Schoulen, wéi nach virun de Feierdeeg, genee wéi an der Gesamtpopulatioun och, mä mir mussen den Ament extrem virsiichteg sinn an duerfir ginn den Ament heiansdo ganz Schoulen a Quarantän gesat, fir z'evitéieren, datt d'Schoulen all nees mussen zougemaach ginn. Dat sot den Educatiounsminister Claude Meisch en Donneschdeg de Moien am Journal. De Ressortminister huet duerchbléck gelooss, datt engem besonnesch déi brittesch Variant Suerge mécht an datt d'Autoritéiten d'Gefill hunn, datt den Ament méi Fäll beieneen optrieden. Dat kéint allerdéngs och domadder zesummenhänken, datt méi getest gëtt.

Den Ament wéisst een nach net, ob se méi séier iwwerdroe gëtt an ob se verstäerkt ënnert de Kanner a Jonken zirkuléiert, sou de Minister. En interministeriellen Aarbechtsgrupp tëscht Educatioun a Santé géif den Ament d'Situatioun an de Schoule genee am A behalen, fir dofir ze suergen, datt de Virus aus der Schoul eraus bleift, sou wäit et nëmme geet.

Den Educatiounsminister Claude Meisch

"Ech ginn zu dësem Ament dovunner aus, datt mer no der Fuesvakanz mam alternéierten Unterrecht op den iewescht Klassen am Lycée weiderfueren a fir de Rescht déi gréisstméiglech Normalitéit bäibehalen", sou nach den Educatiounsminister Claude Meisch am Moiesjournal.

Dem Claude Meisch no géifen d'Autoritéiten scho verstäerkt en A op d'Schoulen halen. Sou gouf dës Woch jo eng Quarantän fir déi ganz Grondschoul zu Waldbëlleg an d'Maison relais ausgeschwat. An och déi ganz Communautéit an der International School zu Lënster gouf no enger Infektioun mat der brittescher Variant duerchgetest. Vun den am Ganze ronn 280 Enseignanten a Schüler wieren zwee weider positiv Fäll fonnt ginn. Wat fir de Minister éischter berouegend ass.